



Dépôt: CLEMENT Sven

Gesetzesprojekt 7784

Lëtzebuerg, den 12/03/2021



## Motioun

### D'Deputéiertechamber stellt fest:

- dass d'Unzuel u verfügbaren Dosisse vun de Covid-19-Vaccinen zu Lëtzebuerg am Moment nach limitéiert ass ;
- dass Fäll zu Lëtzebuerg opgetruede sinn, bei deene Persounen fréizäiteg geimpft goufen ;
- dass de Gesondheetsministère een Impfplang virgeluecht huet an och déi betreffen Institutionen a Persounen iwwert dësen informéiert huet ;
- dass de Gesondheetsministère mam Conseil supérieur des maladies infectieuses de 27ten Januar d'Phasen 2 bis 6 vum Impfplang virgestallt hunn ;
- dass an Däitschland de Gesondheetsminister am Moment mam Parlament iwwert d'Strofe, fir sougenannten "Impfdrängler" diskutéiert ;

### Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:

1. dee besteende Regime fir Strofen fir Leit, déi sech entgéint dem festgeluechte Plang vun der Direktioun vun der Santé impfe loossen, ze iwwerschaffen, fir esou Abusen an Zukunft ze verhënneren.

Sven Clement

